



Ech hunn och d'Gefill, dass Der an Ärem klengen Exposé absolut bewisen hutt, dass Der net verstanen hutt, wat d'Konzept vun engem Biergerrot ass. Ech si frou, dass den Här Goergen Iech do, mengen ech, op enger Rei Punkten eng kleng Nohölleflektioune erdeelt huet. Mee dont acte. Dass Der Iech net mat dësem System auserneegesat hutt, dat fannen ech schued, an, wéi gesot, iwwerdenkt vläicht nach eng Kéier Äre Slogan zur Basisdemokratie.

Par rapport zum Kolleg Wagner hei: Ech mengen, mir wëllen op kee Fall d'Roll vun de Sozialpartner hei klengschwäzen. Et soll den Debat alimentéieren, et soll e Support sinn. Natierlech ass dat doten eng wichteg Diskussioun, déi hei tëscht de Sozialpartner an der Regierung och soll hir Platz fannen. Fir awer ze soen, dass e Biergerrot némmen a Krisenäite kann tagen, dat fannen ech e bësse schued. E Biergerrot, mengen ech, muss doríwwer eraus kennen zu villen Theeme Posititioun huelen, ob se elo eng Kris sinn oder net.

An da wëll ech just zum Schluss nach soen: En Deplafonnement vum Pensiounsregimm ass och eng Modifikatioun. Fir also elo némmen déi Sujeten erauszehuelen, déi Iech hei arrangéieren, fannen ech elo och e bëssem ze kuerz geograff an där heiter Diskussioun.

Bon, ech sinn enttäuscht. Ech ...

M. Claude Wiseler, Président | Dir musst zum Schluss kommen, Madamm Bernard.

Mme Djuna Bernard (déri gréng), auteure | Ech kommen zum Schluss, Här President.

Ech sinn enttäuscht. Ech mengen, dass d'Regierung hei op zwee konkrete Projete gewisen huet, datt se d'Basisdemokratie an d'Biergerrot konkreet notze konnt. Hei wier eng Chance gewiescht, wou mir eis als Chamber deem hätte kennen unhuelen. Et ass schued, dass d'Majoritéit dat net wëllt.

M. Claude Wiseler, Président | Merci. Merci, Madamm Bernard. Et ass elo nach eng Wuertmeldung do.

M. Gilles Baum (DP) | Ech wollt d'Madamm Bernard berouegen ...

M. Claude Wiseler, Président | Dir hutt nach e wéineg Zäit, dofir ganz kuerz.

M. Gilles Baum (DP) | Ech wollt d'Madamm Bernard berouegen. Mir wäerten eisen Numm net änneren. Ech mierken awer, dass déi gréng eis e bëssem erausgesicht hunn als Sparringspartner.

Ech wollt Iech just soen: 2023 huet d'Demokratesch Partei – d'Demokratesch Partei! – bei de Gemengewale gewonnen, an d'Demokratesch Partei huet bei de Landeswale gewonnen.

Une voix | An déi gréng?

M. Gilles Baum (DP) | An dat kann ee vun Ärer Partei net soen!

Mme Sam Tanson (déri gréng) | Elo sidd Der um Niveau vun der ADR ukomm, Här Baum.

M. Gilles Baum (DP) | Dat kennt vir am Liewen, ...

(Interruptions et brouhaha)

... mee dann hält ee sech mat gudde Rotschléi, Madamm Bernard – an dat do war kee gudden! –, e bëssem zréck.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Elo komme mer erëm zum Sujet zréck an de Sujet ass d'Resolutioun vun der Madamm Bernard. An dozou ass, mengen ech, elo

keng Wuertmeldung méi do, also géinge mer déi elo zum Vott stellen.

Vote sur la résolution

Ech fänken de Vott un. De Quorum ass erreicht. Vote par procuration. Wann Der nach e klengen Effort bei de Procuratioun maacht, da si mer geschwënn esou wäit. Et bougéiert näisch méi. Probéiert emol nach, well et feelt nach deen een oder deen aneren. Dat ass net de Fall. Gutt, da schléissen ech de Vott of.

D'Resultat ass: Jo: 16 Stëmmen, Neen: 42 Stëmmen. Dës Resolutioun ass also ofgeleent mat 42 Nee-Stëmme géint 16 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidoris ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer (par M. Laurent Mosar), Jeff Boonen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Nathalie Morgenthaler) et Laurent Zeimet (par Mme Stéphanie Weydert) ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel (par M. Gusty Graas), Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. Guy Arendt), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Fernand Etgen) et M. Gérard Schockmel ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

17. 8405 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 23 décembre 2016 instituant un régime d'aides pour la promotion de la durabilité, de l'utilisation rationnelle de l'énergie et des énergies renouvelables dans le domaine du logement (suite)

Motions (suite)

An da komme mer zu dem effektiv leschte Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat sinn nach déi dräi Motiounen, déi beim Projet 8405 iwwert d'Verlängerung vun de Bähöllefe fir klimafréndlech Investitiounen vum Här Marc Goergen deposéiert gi waren a wou gefrot gi war, datt mer déi zum Schluss vun eiser Sitzung géinge maachen.

Motions 1 à 3

Här Goergen, wëllt Dir nach zu deene Motiounen d'Wuert huelen?

(Interruption par M. Marc Goergen)

Dir wëllt hennendrun d'Wuert huelen. Jo, dann ass et un der DP. Madamm Hartmann.

Mme Carole Hartmann (DP) | Merci, Här President. Déi éischt Motioun vun de Piraten betréfft d'Aspeistariffer bei Fotovoltaikanlagen. Do ass ze preziséieren, dass mer haut zwee Modeller hunn. Entweeder wietet een de staatlech garantéierten Tariff, deen Der an

Ärem eischten Tiret uschwätzt. Hei kritt Der e garantéierte fixen Tariff an dann hutt der manner Investitiounshöllef.

An deen zweeten, dat betréfft Ären zweeten Tiret, dat ass dann de variabelen Tariff, mee dee gétt awer vum Marché fixéiert. Dat heesch, do proposéiert Der am Fong oder fuerdert Der d'Regierung u sech op, dass hei d'Regierung soll intervenéieren. Et sinn awer d'Fournisseuren an de Marché, déi hei dee Präis determinéieren, soudass ech reng aus deem Grond géif menger Fraktioun proposéieren, dës Motioun net matzestëmmen.

Ech géif awer nach derbäisoen, dass trotzdem bei dem fixen Tariff – dat heesch bei der éischter Méiglechkeet – aktuell eng Analys gemaach gétt, awéifern een deen Tariff kann upassen. A mir géife ganz gären déi Analys do ofwaarde fir ze kucken, ob deen Tariff eventuell dann nach eropgehewe gétt. Voilà.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Hartmann. Si soss nach Wuertmeldungen zu déser Motioun? Den Här Fayot.

M. Franz Fayot (LSAP) | Jo, Här President, déi Motiounen rejoignéieren e bëssen dat, wat och an däri Motioun vun deene Gréng dran ass.

Déi drëtt, do geet et èm d'Batterien, fir do eng Subvention anzeféieren. Dat, mengen ech, ass eppes, dat mir, wéi ech gesot hat, och géife supportéieren. Dat heesch, déi kënne mer matdroen.

Bei der zweeter, do geet et drëm, u sech och ze berücksichtegen, dass d'Leit schonn investéiert hunn an eng Fotovoltaikanlag, an deem och Rechnung ze droe bei der Tarifikatioun.

An déi éischt Motioun ass, mengen ech, och schonn ofgedeckt duerch déi Motioun vun deene Gréng, dans une certaine mesure. Dat hei sinn dräi Motiounen, déi mer och kënne esou mat supportéieren.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Fayot. Madamm Welfring.

Mme Joëlle Welfring (déri gréng) | Jo, merci de Piraten fir dës Motiounen.

Ech denken, et ass e bëssen eng Mëschung an deene verschidde Motiounen, wou verschidde Saachen interessant sinn an ech bei aneren den Androck hunn, dass e puer Saachen net esou kloer sinn oder zum Deel och e bëssen duerjerneegeheit ginn.

Déi éischt Motioun, do géing ech soen ... Also eis Approche ass, dass mer do éischter géingen en faveur si vun enger Approche, déi d'Autoconsommatioun och wierklich encouragéiert, wat dee Wee ass, deen hei am nützlechste wär, quitte dass mer Sympathien hu fir staark Aspeistariffer. Et gétt awer net némmen een, et gétt der méi. Et ass an deem Sënn och net ganz richteg, wat do an der Introduktioun steet.

An dat Zweet, dass mer tatsächlech bei dem selwer produzierte Strom sollen e minimalen Aspeistariff hunn, do hunn ech meng Zweifel, ob dat wierklich netdénégéch ass, an dat déngt och net onbedingt zur Stabilisatioun vum Netz. Ben, do wär ech virsiichteg, also do hätt ech meng Virbehalter.

An dofir géife mer déi éischt Motioun tel quel net kënne matzestëmmen, obwuel mer der Meenung sinn, dass Elementer dra sinn, déi een duerhaus kéint diskutéieren, zum Beispill an enger Kommissioun.

Déi zweet Motioun, do si mer an enger Situationen, wou mer probéieren, ...

M. Claude Wiseler, Président | Jo, mir sinn zwar elo nach bei der éischter.



Mme Joëlle Welfring (déri gréng) | Ech wéilt zwar déi dräi ...

Une voix | Den Här Fayot huet déi dräi matenee geholl.

M. Claude Wiseler, Président | Ok, dann ...

Mme Joëlle Welfring (déri gréng) | Et waren der dräi, mee mir kënnen et awer andeelen.

Une voix | Nee, nee.

(Interruptions)

M. Claude Wiseler, Président | Nee, kommt, mer maachen déi dräi mateneen, vu datt et owes spéit ass. Vu datt d'Madamm Hartmann némnen zu enger geschwät huet, kritt si dann duerno nach eng Kéier d'Wuert. Madamm Welfring, da maacht déi dräi mateneen.

Mme Joëlle Welfring (déri gréng) | Jo, ech hu bei där zweeter den Androck, dass do e puer Saache matenee vermësch ginn, dass zum Deel d'Netzkäschten an d'Stroumkäschten, also d'Stroumtariffer, matenee vermësch ginn an awer och d'Consommatioun an d'Hierstelle vun deem Elektresch. Dat heeschto do ass et net ganz kloer bei deem éischte Punkt.

Deen zweete Punkt, dee kéint een esou mat énnertëtzen. Dat geet och an déi Richtung wéi dat, wat mir an eiser Motioun haten: dass mer soen, dass Leit, déi eng Wärmepompel hunn oder en Elektroauto, sollen Tariffer proposéiert kréien, déi ausserhalb vun de Spëtzestonnen eebé favorabel si fir déi doten Technologien.

An déi drëtt kënne mer och matdroen, fir et kuerz ze maachen.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Welfring. Ech kucken nach, ob soss nach een anere wëllt d'Wuert hei froen. Dat schéngt mer net de Fall ze sinn. Dann ass d'Wuert fir d'Madamm Hartmann an duerno fir den Här Goergen.

Mme Carole Hartmann (DP) | Jo, merci nach eng Kéier, Här President. Also, bei der zweeter Motioun, do hu mir schonn e Problem an engem vun de Consideranten, well deen zweete Considerant schwätzta nämlech dervunner, dass den ILR an och d'Stroumbetreibewer géife warnen. Dat ass net de Fall. Dat ass vum Marché aus komm, soudass dat net ganz richtig ass.

An da geet et an dëser Motioun och erëm ém dat, wat och virdrun d'Motioun vun der Madamm Welfring ugeschwät huet, nämlech ém déi Formel an ém d'Be-rechnung vun den Netzkäschten. An do si mer dann nees bei der Kompetenz vun engem ILR, wéi ech et virdrun och schonn explizéiert hunn. Dat heesch, mir sinn net an enger Kompetenz vun der Regierung. An duerfir géif ech hei proposéieren, dës Motioun an deem Senn och net matzedroen.

An da bei der drëtter Motioun ass et och änlech wéi bei der Motioun vun der Madamm Welfring. Do hat ech gesot, dass mer jo och schonn an der d'Kommis-sioun driwwer geschwät haten, dass verschidden Aiden nach géifen diskutéiert ginn, fir och ugepasst ze ginn. Dir schwätzta elo hei eng spezifesch Aide un. Dat Ganzt ass awer an engem Paquet ze consideréieren, wou gekuckt gëtt, wou eventuell nach kéint zousätzlech Incitative geschafe ginn, fir d'Leit eeben ze énnertëtzen, verschidden Investitiounen och wei-derhin ze maachen.

An duerfir wär eis Propositoun hei och déi – wéi et virdrun och bei där anerer Motioun gemaach ginn ass –, dës Motioun hei net ze énnertëtzen. An ech géif Iech da verweisen op déi Diskussiounen, déi mer

schonn an der Kommissioun haten an och an der Ekonomieskommissioun wäerte weiderféieren.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Hartmann. Dann huet d'Wuert elo den Auteur, den Här Marc Goergen. Här Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Also, ech fänke bei där éischter un. Dir hutt vun de staatlechen Tariffer geschwät. Et ass richteg: Déi eng leet der fest, déi aner si variabel. Wa mer elo mol ufänken ze kucken, dann ass et esou, dass d'Regierung jo bewosst méi Subsid gëtt, wann een herno zu engem variabelen aspeist. Dat ass e Choix, dat ass e politesche Choix. An déi fest, do ass et awer esou, dass se och eroftaange sinn. 2023 bei 14, 15 Cent ugefaangen, wäerte se elo, 2025, op 0,1291 Euro eroftaange. Dat heesch, do kritt ee manner. Dat ass elo net dramatesch. Ech hätt zwar léiwer, se géifen eroftaange, well de Stroumpräis jo eroftaange. Mee dat, wat ee vun Iech garantéiert kritt, dat si jo déi garantéiert Präisser, déi ginn eroft.

Vill méi schlëmm ass et awer bei deenen, déi variabel sinn. Wann een déi Variabel kuckt ... Ech hunn elo einfach d'ganz Statistik hei. Se ass vun engem grousse Konzern hei zu Lëtzeburg, dee Stroum liwwert. En ass orange, da kënnt Der Iech denken, wien dat ass. Am Mee 2022 hutt Der zum Beispill 12,1 Cent fir Äre Stroum kritt. Dann hutt Der d'lescht Jor nach 4,28 Cent kritt, dee selwechte Mount, déi selwechte Konditiounen fir Är Anlag. Dat heesch, einfach mol duerch dräi gedeelt!

An dann hutt Der dëst Jor nach 2,53 Cent kritt, fir dee selwechte Stroum vun Ärer Solaranlag, während de Stroumpräis an d'Luucht gaangen ass! An et ass dat, wat ech verhënnere wëll.

Ech wëll verhënnernen, dass déi Leit, déi an eng Solaranlag investéiert hunn, dru gegleeft hunn, elo quasi ofgeknäppt ginn! Well Dir hutt eng schéi Linn. Dat huet an op kenger Stroumrechnung, dass all Mount den Tariff anesch ass vum Stroum, deen ee konsuméiert, mee wann Der e verkauft, ass et esou. Do geet een dramatesch eroft. Vun 12 op 2 Cent si se eroftaange bei deem, wat déi Leit kréie fir hire Stroum.

Dofir ass d'Iddi gewiescht, dass een déi Leit schützt. Ob dat herno e minimale Sockel ass, ob ee mat deene Betribler schwätzta, wou de Staat och nach Aktiounär ass, dat ass alles oppen. Et geet just drëm, dass déi Leit net bestroft ginn, déi deemools eng Solaranlag gemaach hunn an elo vun 12 op 2 Cent gaange sinn. Dat war a sech d'Iddi derhannert.

An de staatlechen Tariff, do hutt Der jo gesot, dass Der deen nach eng Kéier wéilt kucken. Also ech si gäre bereet ze soen, dass deen an d'Luucht soll goen, well och do ass et esou: De Stroumpräis geet an d'Luucht, mee dat, wat Der verkauft, net. Et ass a sech e bëllege Subsid, deen Der de Stroumfournisseur gitt. An en plus nach vum Staat gesteiert, well Der méi Subsid kritt, wann Der en an de Variabele gitt, wou Der awer herno näischt erëmkritt.

Beim der zweeter ass et esou – dat hat ech virdrun a menger Ried schonn erkläret –, dass elo déi Leit bei d'Lisette gelooss ginn, déi eng Wärmepompel oder en Elektroauto hunn. Bon, et mécht herno kee Senn méi, deen ze lueden. Dat ass nun emol sou, well dann dee Moment, wou Der luet, Är Moyenne esou wäert eroftaange an da gitt Der nach eng Kéier bestroft an Der bezuelt méi.

Dat ass e politesche Choix, dee geholl ginn ass. Dir kënnt Iech émmer hannert dem ILR do verstoppfen, dat ass awer net onbedéngt meng Meenung. Och do misst Der méi Zänn weisen als Regierung a vlächt

d'Leit schütze virun esou engem Abus, dass d'Präisser an d'Luucht ginn.

Dann d'Stroumpäicherchen: Dir kënnt elo iergendeng Kéier d'nächst Joer dorriwwer schwätzten, mee dat anert kënnt awer elo den 1. Januar. An déi Leit, déi eng Solaranlag gemaach hunn, déi wousste jo net, dass dat géif kommen. Wann ee virdrun eng Solaranlag gemaach huet, war dat a sech méi interessant, well jo de Konsum, also de Stroum, deen een erëm akaft huet, wann een e selwer net produzéiert huet, émmer de selwechte Präis hat – fir Iech dat ze erklären. Elo geet den ILR hin, net Dir, a seet: „D'Moyenne!“ A wann een da méi konsuméiert, muss ee méi bezuelen. Also wier et fir eng Stroumanlag a sech dat Bescht, wann een en Akku géif kréien.

Elo kënnten déi Leit awer net vum Subsid profitéieren, wa se en Akku nobauen, wat jo total onlogesch ass, well et kascht Iech genau dat selwecht, ob een en direkt agesat huet oder net.

Dofir war hei d'Iddi, dass ee seet: Mir ginn hin, fir deenen, déi schonn eng Solaranlag hunn, wann déi elo en Akku wëllen nobauen, entgéintzelkommen, well déi d'Netz jo entlaaschte wëllen, sou dass déi deen Akku hätten. A soumat kékinte se mathëllefen, fir dass d'Netzer entlaascht ginn. Dat war eigentlech d'Iddi derhannert.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Goergen. Domat ass dann elo och dës Debatt ronderëm déi dräi Motiounen ofgeschloss.

An ech géif d'Motiounen awer net zesummen, mee eng no där anerer, zum Vott hei stellen.

Vote sur la motion 1

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1. An de Vott fänkt un. De Quorum ass erreicht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 16 Jo-Stëmmen, 40 Nee-Stëmmen a 4 Abstentiounen. Dës Motioun ass also ofgeleent mat 40 Nee-Stëmme bei 16 Jo-Stëmmen a 4 Abstentiounen.

Ont voté oui : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener (par M. Yves Cruchten), M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt (par M. Dan Biancalana), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidor ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Jeff Boonen (par Mme Nathalie Morgenthaler), Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spaetz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Laurent Mosar) et Laurent Zeimet (par Mme Stéphanie Weydert) ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel (par M. Gusty Graas), Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. Fernand Etgen), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Gérard Schokmel ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig.

Se sont abstenus : Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring.



Vote sur la motion 2

Da komme mer zu der Ofstëmmung iwwert déi zweet Motioun vum Här Goergen. An och do fänkt de Vott un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 16 Jo-Stëmmen, 40 Nee-Stëmmen, 4 Abstentiounen. Dës Motioun ass also mat 40 Nee-Stëmmen géint 16 Jo-Stëmmen bei 4 Abstentiounen ofgeleent.

Ont voté oui : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener (par M. Yves Cruchten), M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt (par M. Dan Biancalana), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer (par M. Laurent Mosar), Jeff Boonen (par Mme Nathalie Morgenthaler), Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Paul Galles) et Laurent Zeimet (par Mme Stéphanie Weydert) ;

(par Mme Nancy Arendt épouse Kemp) et Laurent Zeimet (par Mme Stéphanie Weydert) ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel (par M. André Bauler), Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. Gusty Graas), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Fernand Etgen) et M. Gérard Schockmel ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig.

Se sont abstenus : Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring.

Vote sur la motion 3

An dann déi lescht Motioun, d'Motioun Nummer 3 vum Här Marc Goergen. Och do maachen ech de Vott op. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An dann ass de Vott och do ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 20 Jo-Stëmmen, 40 Nee-Stëmmen. Dës Motioun ass also mat 40 Nee-Stëmmen géint 20 Jo-Stëmmen bei 0 Abstentiounen ofgeleent.

Ont voté oui : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener (par M. Yves Cruchten), M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt (par M. Dan Biancalana), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer (par M. Alex Donnersbach), Jeff Boonen (par M. Laurent Mosar), Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Paul Galles) et Laurent Zeimet (par Mme Stéphanie Weydert) ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel (par M. André Bauler), Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. Guy Arendt), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par Mme Barbara Agostino) et M. Gérard Schockmel ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig.

Domat si mer dann um Enn vun der Sëtzung ukomm. Déi nächst Sëtzunge si fir den 13. a 14. November 2024 virgesinn.

An d'Sëtzung ass opgehuewen.

(La séance publique est levée à 18.59 heures.)

Questions au Gouvernement

Sommaire

Objet	Nº	Auteur	Page	Objet	Nº	Auteur	Page
Accidents cardiovasculaires au Luxembourg	0803	Sven Clement	50	Discours lors des remises de diplômes dans les lycées	1034	Fred Keup	58
Rapport du Service de médiation scolaire	0882	David Wagner	51	Heures de travail supplémentaires prestées au Luxembourg	1035	Marc Baum	58
Problèmes de communication, entre la direction et le personnel, au sein du Lycée Josy Barthel à Mamer	0931	Francine Closener	51	Impact de la nouvelle loi sur les associations sans but lucratif	1036	Marc Spautz, Françoise Kemp	58
Programme « oneZone »	0971	Jeff Boonen	52	Réforme du dispositif du chèque-service accueil (CSA)	1037	Claire Delcourt	59
Programmes de dépistage des cancers du sein et colorectal	0982	Mars Di Bartolomeo	52	Nouveau radar fixe à Saeul	1038	André Bauler, Luc Emering	59
Per- et polyfluoroalkylées ou « PFAS »	0994	Claire Delcourt	52	Bénéficiaires d'un complément pour pension minimum	1040	Marc Baum	59
Pénurie de personnel soignant qualifié dans le domaine de la santé mentale et de la psychiatrie	0998	Marc Baum	53	Panne informatique globale du 19 juillet 2024	1041	Franz Fayot	60
Responsabilité des huissiers de justice lors de l'accomplissement de leurs missions	1010	Dan Hardy	55	Jugement du 19 juillet 2024 de la Cour internationale de justice au sujet de l'occupation des territoires palestiniens par Israël	1042	Franz Fayot, Yves Cruchten	60
Personnel paramédical	1017	Laurent Mosar	55	Prolongation du délai de détention préventive	1043	Carole Hartmann	61
Formation des fonctionnaires à la transition écologique	1021	David Wagner	56	Fonds de compensation	1044	Sven Clement	61
Recommandation de l'ADAC concernant le cannabis au volant	1030	Nancy Arendt épouse Kemp	56	Crédit d'impôt location	1045	Marc Goergen	61
Inscription dans une structure d'éducation et d'accueil (SEA)	1031	Claire Delcourt	56	Participation de l'État aux centres nationaux sportifs	1046	Sven Clement	61
Création d'un observatoire de la délinquance	1032	Dan Biancalana	57	Exercice de l'autorité parentale dans le cas de divorce	1047	Sven Clement	62
Décision du conseil communal de Hesperange relative au recrutement d'un employé communal pour le poste du « coordinateur du pacte communal »	1033	Meris Sehovic	57	Défauts constatés dans des logements commercialisés par la SNHBM	1048	Marc Goergen	62